

**Äntwerten vum Schäfferot vum der Gemeng Bartreng  
op d'Froen vum 3. März 2025 (eis per E-mail zougestallt de 4. März 2025)  
vum der Madamm Nadine Schares  
betreffend d'Organisatioun vum der Museksschoul**

1. Sinn déi 74 Kanner vum Eveil an déi 361 vum der Formation musicale alles Bartrenger Kanner oder och Kanner aus aner Gemengen?  
4 Kanner aus dem "Eveil musical" an 11 Kanner aus der "Formation musicale" sinn aus enger anerer Gemeng an 30 Kanner aus de Regionalcoursë si net vu Bartreng.
2. Gëtt et Bartrenger Kanner, déi an engem vun dese Cours'en keng Platz kruten?  
Nee, Bartrenger Kanner si prioritär.
3. Wéi vill Kanner hunn am Laf vum Schouljoer 2023/2024 mat engem vun diesen Cours'en opgehalen?  
Am Schouljoer 2023/2024 hunn 9 Kanner aus dem "Eveil musical", 15 aus der "Formation musicale" an 22 aus de Regionalcoursë opgehalen.
4. Wéi vill Kanner hunn am Laf vun deem Schouljoer 2024/2025 opgehalen?  
Am Schouljoer 2024/2025 hu 7 Kanner aus dem "Eveil musical", 15 aus der "Formation musicale" a 24 aus de Regionalcoursë opgehalen.
5. Vun deenen 310 Persounen, déi an Individualcoursen ageschriwwen sinn, géif ech gäre genee wëssen, wéi d'Opdeelung op déi verschidden Instrumenter ass? Wéi vill Bartrenger a wéi vill Net-Bartrenger sinn an de jeeweilegen Cours'en ageschriwwen?  
Percussion, Guitare classique/électrique, Piano, Drumset, Hautbois, Clarinette, Flûte traversière, Saxophone, Trombone, Gros cuivres (baryton, euphonium, tuba, basse, contrebasse), Petits cuivres (bugle, cornet, trompette), Keyboard, Orgue, Violoncelle Violon.

Instrument	Bartrenger Schüler	Net-Bartrenger Schüler	Opgehalen 2023/2024	Opgehalen 2024/2025
Percussion	48	1		6
Guitare classique	37		1	2
Guitare électrique	6		1	
Piano	92	1		5
Drumset	9	1		
Hautbois	4			
Clarinette	10		3	3
Flûte traversière	40		4	2
Saxophone	16			1
Trombone	7			
Petits cuivres	11			1
Keyboard	1			
Orgue	3			
Violoncelle	6			
Violon	11			1

6. Wéi vill Kanner hunn am Laf vum Schouljoer 2023/2024 mat engem vun dese Cours'en opgehalen?  
Tabell Äntwert Fro 5.
7. Wéi vill Kanner hunn am Laf vun deem Schouljoer 2024-2025 opgehalen?  
Tabell Äntwert Fro 5.

8. Wéi vill Bartrenger Kanner konnten an de jeeweilegen Instrumentecours'en dëst Joer net zu Bartreng an wéi vill net an der Regioun ugeholl ginn a stinn op enger liste d'attente?  
7 Kanner si net ugeholl ginn.  
(+ 20 Schüler, déi sech fir en zweet oder drëtt Instrument ugemellt haten)
9. Wat sinn d'Ursaachen?  
Manktem un Enseignantë.
10. Bei wéi engen Instrumenter ass et op e manque d'enseignant zréckzeféieren ?  
Bei der Perkussioun.
11. Bei wéi engen Instrumenter ass et op e manque de salle zréckzeféieren ?  
Bei kengem Instrument.

Mengen Informatiounen no huet d'Ugda genuch Enseignanten, mee et konnte vun der Bartrenger Gemeng net genuch Säll zur Verfügung gestallt ginn.  
Déi Informatiounen si net richtig.

12. Wéi vill Säll stinn zur Verfügung an wéi eng Säll sinn dat?  
Zur Verfügung sti 7 Säll an der Musekschoul an de Säll vum Just Music Bartreng a der Bartrenger Musek.
13. Kënne Cours'en an den neie Säll vum Centre Bureck (Musekssall, Chorale, Scouten) ofgehalen ginn?  
De Besoin ass net do.
14. Ass et d'Gemeng, déi decidéiert, wat nach zousätzlech an engem Sall ka gemaach ginn oder de Veräin?  
D'Gemeng ass Proprietär vun de Säll, déi mir de Veräiner zur Verfügung stelle fir hier Aktivitéiten. Wann néideg kënne mir drop zréckgräifen an et gëtt mam Veräi gekuckt wéini de Sall da kéint benotzt ginn.
15. Ass et zënter, dass de Solfège an d'Instrument gratis ass, dass dës Chiffren (Op de Waardelëschten oder iwwerhaapt?) geklommen sinn ?  
Nee.
16. Oder huet et mat der permanent wuessender Bevëlkerung ze dinn?  
Dat huet éischter mat méi Awunner ze dinn.
17. Ech wier frou, eemol eng Tabelle oder en Diagramme ze kréien iwwer d'Entwécklung (an de leschte Joren) vun den Aschreiwungen an deenen verschiddenen Beräicher.

#### Nombre d'élèves sur base des organisations scolaires rectifiées

	2022-2023	2023-2024	2024-2025
Éveil Musical	96	79	74
Formation Musicale	351	381	351
Pratique collective vocale	25	32	28
Pratique collective instrumentale	20	13	23
Ensemble homophone	8	7	6
Musique de chambre	11	10	9
Formation théâtrale	53	58	44

**Total:** **564** **580** **535**

### Nombre d'élèves sur base des organisations scolaires rectifiées

	2022-2023	2023-2024	2024-2025
Flûte traversière	25	33	40
Hautbois	1	4	4
Clarinette	10	8	10
Saxophone	14	15	16
Petits cuivres	14	12	11
Trombone	4	6	7
Percussion	47	57	49
Drumset	13	9	10
Keyboard	3	1	1
Piano	87	84	93
Orgue	3	3	3
Guitare classique	30	34	37
Guitare électrique	7	6	6
Violon	7	10	11
Violoncelle	2	5	6
Chant classique	3	3	4
Chant moderne	2	0	1
Diction pour adultes	1	0	0
Chant pour adultes	1	2	1
<b>Total:</b>	<b>274</b>	<b>292</b>	<b>310</b>

Voir 2 Annexes

18. Wat gedenkt d’Gemeng ze ënnerhuelen, fir eventuell ab dem nächste Joer all de Kanner d’Méiglechkeet ze ginn, un de Cours’en deelzehuelen? Well dat sollt jo am Fong d’Zil sinn vun deem neien Gesetz.

Schonn an dësem Joer konnten all Kanner un de Cours’en deelhuele an och en Instrument spillen, mat Ausnam vun e puer Kanner an dat wéinst engem Manktem un Enseignantë.

Fir déi nächst Jore wäert et fir d’UGDA Musekschoul net méi einfach ginn ausräichend Enseignanten ze engagéieren déi och de Qualifikatiounen entspriechen, déi vum Gesetz verlaangt ginn.

Wat d’Säll betrëfft, ass et an de Conservatoiren a Musekschoulen üblech, datt och Samschdes Coursë gehale ginn. Et ass nämlech net ze verrieden en deiert Gebai opzerichten, wouvunner d’Säll just vu Méindes bis Freides no der Schoul benotzt ginn an dann ze behaapten, datt d’Musekschoul ze kléng ass.

Säit dësem Schouljoer sinn och bei eis d’Diere vun der Bartrenger Musekschoul op fir engagéiert Schüler ze empfänken.